



am Moment hu missen eroffueren, ass dat doten essenziell, well et kann een d'Leit dann net eleng doheem loossen.

Fir op dem Här Spautz seng Froen ze äntwer-ten: Et sinn 52 Congés pour soutien familial geholl ginn, 14 dovunner fir eeler Leit, déi net eleng doheem kënnen sinn, déi normalerweis an enger Dagesstruktur sinn, a fënnf Frontalieren hunn dovunner Gebrauch gemaach.

Ech hunn elo grad mam Minister vun der Sé-curité sociale Récksprooch geholl. Mir haten e Budget virgesi vu véier Milliounen. Et wäert awer manner wéi eng Millioun kaschten. Et ass d'CNS, déi dat virstreckt, mee de Staatsbudget wäert dat aver da rembourséieren.

Et ass och ganz kloer gewiescht an der Kom-missiou, dass de Wëllen do ass vun der Cham-ber an och vun der Regierung, dass mer dat heite perenniséieren. An ech hat do d'Zouso gemaach, dass mer am Kader vun der Work-Life-Balance-Direktiv, déi mer souwisou mussen transposéieren, dass mer an deem Kader da géife kucken, dat heiten och ze perenniséieren.

Fir awer ze soen, firwat dat heiten op fënnf Méint elo limitéiert ass respektiv firwat mer fënnf Méint erausgesicht hunn: Dat ass, fir déi néideg Flexibilitéit ze halen iwwert de Summer, am Fall wou do kuerzfristeg missten nees Foyeren zoumaachen, fir dass mer dann eng Méiglechkeet hätten, dee Congé pour soutien familial ze ginn, och wann d'Chamber zum Beispill dann dee Moment net géif sie-géieren. Dofir si mer op fënnf Méint gaangen. A wéi gesot, mir kucken dann, wéi mer et kéinte maachen, fir dat dann an der Zukunft ze perenniséieren.

Mee ech mengen awer, dass d'Zil dat muss sinn, dass d'Strukture funktionéieren, dass d'Leit entlaascht ginn, well dat ass ganz, ganz schwierig. An ech géif och gären ee Moment un déi Leit denken, déi eng behënnert Persoun fleege respektiv e Familljemember, deen eeben net méi kann eleng sinn. Dat ass ganz kompli-zéiert, wann Der vu moies bis owes op esou eng Persoun oppasst respektiv mat där ver-bréngt. An dofir, fir dass mat deene Persoune geschafft gëtt, fir dass se manner séier vläicht kognitiv Fäegkeete verléiere respektiv fir dass se am Beräich vum Handicap nees méi kënnen selwer maachen, ass et wichteg, dass déi Strukture funktionéieren, déi Dagesstrukture funktionéieren, fir d'Leit ze beschäftegen a fir dass se daagsiwwer dann och versuergt sinn.

Dofir, ech soen Iech villmools Merci. Ech schléisse mech awer och de Mercien un all d'Mataarbechter souwuel aus dem Familljemi-nistère wéi och hei vun der Chamber un. Vill-mools merci och un de Rapporteur, well Dir hutt wierklech eng formidable a séier Aarbecht geleescht. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cahen. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7608. Den Text steet am Document parlementaire 7608².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7608 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote élec-tronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Marc Lies), Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie

Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

14. 7582 - Projet de loi portant pro-rogation des dérogations aux dis-positions des articles 11, alinéa 2, 12, alinéa 3 et 428, alinéa 4 du Code de la sécurité sociale et L. 121-6, paragraphe 3 du Code du travail

Mir kommen elo zum Projet de loi 7582, enger Ofännerung vum Sécurité-sociales-Code.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Här Presi-dent!

15. Motion de M. Laurent Mosar relative au retrait de la circulaire n° 3378 (suite)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Jo, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Här Presi-dent, ech wollt just nach eng Kéier e kloert Resultat vum leschte Vott widderholl kréie vun Iech.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- De Vott vun der Motioun?

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Vun der Motioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- 31 Jo-Stëmmen.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Nee!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Nee-Stëmmen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... 29 Jo-Stëmmen. Bei 31 Nee-Stëmmen ass déi ofgeleent ginn.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci.

(Brouhaha et interruptions)

► **Une voix.**- Dobäi bleift et awer elo!

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir sidd absolutt an Ärem Rôle fir nozefroen, well do e bëssen e klengen Hickhack dra war.

► **M. André Bauler (DP).**- Et ass och wich-tig, datt mir et hunn.

16. 7582 - Projet de loi portant pro-rogation des dérogations aux dis-positions des articles 11, alinéa 2, 12, alinéa 3 et 428, alinéa 4 du Code de la sécurité sociale et L. 121-6, paragraphe 3 du Code du travail (suite)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Okay. Da kënnen mer zum Projet de loi 7582 kommen. An ech géif direkt dem Rapporteur vun dësem Projet de loi d'Wuert ginn. Dat ass den honora-belen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rappor-teur.**- Merci, Här President. Ech probéieren, et kuerz a knackeg ze maachen.

Deen heite Projet reit sech an déi laang Rei vun de Projeten an, déi d'Sortie de l'état de crise solle begleeden an de Relais huele vun enger Rei vu Moossnamen, déi am Rumm vum État de crise iwwer Reglement geholl ginn.

Zwou Haaptmoossnamen, eng, déi net méi zréckbehale ginn ass. Bei deenen zwou Haapt-moossnamen, do handelt et sech drëm, fir d'Lounfortzalung, déi am normale Fall während 77 Deeg vun dem Patron iwwerholl gëtt am Krankheetsfall, dat zënter dem Gesetz iwwert den Eenheitsstatut, wat elo am eeleften oder am zwielfte Joer ass, fir also dee Régime gé-néral während der Kris an deem Sënn ze änneren, dass d'CNS vum éischten Dag un, vum éischte Krankheetsdag un d'Käschten iwwerholl huet.

Dat huet derzou gefouert, dass d'Mutualitéit an enger éischter Phas entlaascht ginn ass. Dat

huet derzou gefouert, dass an enger éischter Phas och méi Sécherheet fir d'Aarbechtsplaze konnt assuréiert ginn. An dat huet an enger éischter Phas derzou gefouert, dass och de Staat eng seriö Aspuernis gemaach huet.

Normalerweis wär déi dote Reegelung vun der Lounfortzalung, déi d'CNS iwwerholl hätt ab dem éischten Dag, ausgelaf mam État de crise. Aus enger Rei vun Ursaache sozialer, awer och technescher Natur hält dat heite Gesetz fest, dass déi Reegelung, déi Ausnamereegelung, bestoe bleift bis d'Enn vum Mount Juni. Da komme mer erëm an deen normale Regimm vun der Lounfortzalung, dat heescht, déi éischt 77 Deeg à charge vum Betrib, ofgeséichert duerch d'Mutualitéit, gestützt vun enger Rei vu Kontributione vum Staat.

Dat war eng appreciabel Depense, déi d'Kran-keess, pardon, d'Gesondheetskeess hat. Fréier hu mer ëmmer gesot: „Wann ee ‚Kranke-keess‘ seet, dee muss fënnf Euro an d'Spuer-béchs maachen.“ Also, ech sinn elo fënnf Euro schëlleg. De Minister wäert eis genee soen, wéi de provisoorsche Käschtepunkt vun där Mooss-nam ass, well mer de Clearing nach net ge-maach hunn, dat heescht, nach net doriwwer diskutéiert hunn, wie wat dann am Endeffekt iwwerhuele wäert, fir déi Aspuernisser op där enger Sait an d'Méiausgaben op där anerer Sait iergendwéi besser ze balancéieren.

Déi zweet Moossnam, déi am Gesetzestext fest-gehalen ass, ass och eng Verlängerung vun där Reegelung, dass op deene Retarde bei der Baitragszuelung duerch Betriber, déi, op gutt Lëtzebuerg gesot, „a Schwulitéite“ komm si wéinst där Kris, dass déi net direkt mat Schuld-zësen, Strofzëse beluecht ginn. Dat huet gegollt elo während der Dauer vum État de crise a gëtt iwwert dëse Projet verlängert bis zum 31. Dezember, wat och eng Erliichterung ass fir déi Betriber, déi am härteste vun der Coronakris getraff gi sinn. Och do wäert de Minister eis kënnen soen, wat de genee Käschtepunkt dovun ass.

Déi Reegelung, déi mer geholl hate während der Kris, dass de Maximum vun 78 Wochen inner-halb vun zwee Joer net därer iwwerschritt gi bei der Krankmeldung, déi leeft par contre aus. Déi ass also net am Gesetz berücksichtegt ginn. Do leeft de Compteur, deen ausgesat gouf während der Kris, erëm normal weider nom Enn vun dem État de crise. D'Argumentatioun, déi do gebraucht gëtt, déi net vu jiddwerengem gedeelt gëtt - dat ass de bon droit -, dat ass, dass den normale Regimm an der Aarbecht-swelt erëm ugelaft ass, méi oder manner, dass de Contrôle médical och erëm normal ka fonc-tionéieren. Dat heescht also, do leeft de Comp-teur nom État de crise erëm un.

Voilà. Dat war den Inhalt vun dësem Projet. Et ware keng weesentlech Awänn. Et waren éisch-ter Suggestiounen, wou een nach misst méi wäit goen. Mee dat iwwerschreit d'Portée vun dësem Gesetz. Enner anerem, sech ëm déi vulnerabel Persounen an de Betriber këmme-ren, ech mengen, dat ass eng Opfuerderung, déi quesch duerch d'Diskussounen iwwert d'Kollateralschied vum Covid geet. An dat wäert déi Kris no der Kris sinn, déi gradesou vill Efforten a gradesou vill Solidaritéit verdéngt ewéi den Engagement während der Kris.

Här President, dat war et. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. An ech ginn ...

An ech ginn!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci vill-mools, Här Di Bartolomeo. An als éischte Ried-ner ass den honorabelen Här Aly Kaes age-droen.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi méi oder wéineger knackegen, awer detailléierte Rapport, schréft-lech a mëndlech. Dat war esou detailléiert, datt et kee Sënn huet, nach eng Kéier op déi eenzel Punkten anzegoen. Fakt ass, datt et sech an all déi Mesuren areit, fir engersäits de Leit ze hël-lefen, anerersäits, an deem hei Fall, de Patrone finanziell entgéintzekommen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci vill-mools, Här Kaes. An da kritt d'Wuert den hono-rabelen Här Frank Colabianchi.

► **M. Frank Colabianchi (DP).**- Merci, Här President, merci och dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo. En huet gesot, e géif probéie-ren, kuerz a knackeg ze bleiwen. De Kolleg Aly Kaes huet gesot, mam Knackegen, do hätt et vläicht e bësse gehappert, iwwert dat Kuerzt schwätze mer net. Mir wëssen ëmmer, wann de Mars op d'Tribün geet, dauert et e bëssen, well en dat ëmmer ganz, ganz explizitt mécht. Op alle Fall war dat hei e Rapport, deen exzel-

lent a ganz ausféierlech war. Dofir e ganz, ganz décke Merci.

Dëse Projet de loi 7582, deen ass ganz, ganz sécher am Sënn an am Interêt vun de Salariéen engersäits, an op där anerer Sait hëlleft en och dem Employeur, soudass mir vun der DP-Sait aus kee Problem hunn, fir hei eisen Accord derzou ze ginn.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Et war kuerz!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Colabianchi. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech ginn am Numm vun der grénger Fraktioun och de Go fir dëse Projet. Ech huelen un, dass déi sozialistesche Fraktioun dat och mécht.

(Hilarité)

De Rapporteur hat dat vergiess ze soen, hunn ech gemierkt.

(Brouhaha)

Mir haten de Moie schonn eng gutt Sitzung mam Minister Schneider. Effektiv, d'Fro vum Kassensturz, déi kennt déi nächst Zäit. De Pro-jet hei hëlleft, wéi de Frank Colabianchi gesot huet, immens de Betriber an hire Salariéen dofir. D'Moossnamen, déi an Zukunft wäerte geholl ginn, ginn och geholl, wéi ech soen, an deem ganzen Esprit, wéi mer haut all d'Geset-zer gestëmmt hunn.

Ech ginn domadder och den Accord an ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här Presi-dent. Ech géif dann och dem Rapporteur, dem Mars Di Bartolomeo, en häerzleche Merci soe fir deen ausféierleche schréftlechen an och mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass net vill hannendrunzefügen. Et geet hei ëm Corona-mesuren, déi hu musse geholl ginn am Interessi vum Betrib an och vum Salarié.

An ech géif d'Zoustëmmung brénge vun der ADR zu dësem Projet. Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. Da wier et um honora-belen Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Also dat, wouriwwer mer hei schwät-zen, dat ass jo awer kee klunge Muckefuck. Am Projet de loi steet eng draistelleg Milliounen-zuel, ëm déi et hei geet.

(Brouhaha)

An et muss ee sech froen, wat d'Natur dovun-ner ass. Déi Suen, déi d'Krankekeess - an ech geheien elo keng fënnfeng Euro an e Spuer-schwäin, well ech mengen, „Krankekeess“ ass nach ëmmer richteg, well et kritt ee jo och eigentlech e Krankeschäin a kee Gesondheet-sschäin, wann een net op seng Aarbecht goe kann, mee dat sief à part gestallt -, déi Suen, déi d'Krankekeess, oder d'Gesondheetskeess, verwalt, dat ass de sozialiséierte Loun vun de Salariéen. A wéi virdrun och scho gesot ginn ass, gëtt mat deem sozialiséierte Loun vun de Salariéen de Betriber gehollef. Dat heescht, dee sozialiséierte Loun, d'Salairé vun de Salariéen, déi gi geholl, fir de Betriber entgéintzekom-men.

An dat ass awer an eisen Aen eng relativ pro-blematesch Demarche, well mir mengen, wann een de Betriber wëllt entgéintkommen, da soll de Staat dat maachen iwwert déi Instrumenter, déi en huet, an zumindest hätt ee missen hei e Parallellgesetz virgesinn, wou dat Lach, wat deemno wéi an draistelleger Milliounenhéicht kéint sinn, zumindest vum Staat combléiert gëtt. Mir hunn och Aussoe vum Minister héie-ren, datt dat nach soll geschéien. Mee ech mengen, datt dat eppes wier, wat onbedéngt hätt misse parallel zu dësem Gesetz geschéien, well soss, en absence vun esou engem Gesetz, bleift et bei enger Erverdeelung vun de Sue vun de Salariéen hi bei d'Betriber.

Dat ass eppes, wat mir net matdroe kënnen, quitte datt aner Elementer an deem Gesetz sinn, déi ganz positiv sinn. Duerfir wäerte mir eis hei enthalten.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- O!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. A leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Krank sinn ass net schéin. Ma et ka jiddwerengem geschéien. Kee Mënsch kann derfir, wann e krank gëtt. A wann et geschitt,



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

bréngt dat en Ausfall virun allem an der Aarbechtswelt a villes op d’Kopp, engersäits an der Famill, anerersäits am Betrib. Et ass eeben eng speziell Situatioun. Jee no Gravitéit kann och d’Karriär mat op d’Kopp geworf ginn, an et kann een ufänken, ëm säin Akommes ze baangen, wann et da méi laang de Fall ass.

An och fir de Patron ass et net schéin, wann e Salarié länger Zäit feelt, wou een net genau weess, wéi laang, a wou een net weess: Ersetzen ech en elo fir ee Mount? Ersetzen ech e fir e puer Méint? Ersetzen ech e fir ëmmer?

Nieft dësem organisatoreschen Opwand, deem entweder duerch Ëmorganisatioun oder duerch d’Astelle vun temporären Aarbechtskräfte kuerzfristeg kann ersat ginn, entstinn awer natierlech och Fraisen, ganz nom Prinzip vun der Lohnfortzahlung, déi mer guer net a Fro wëlle stellen.

(Brouhaha)

Ech wëll domadder awer soen, datt et virun allem a kleng Betriber an a Betriber, wou et weinst der Spezialiséierung vun der Aarbecht schwéier ass, d’Employé kuerzfristeg ze ersetzen, schwéier ass, fir en Ausfall vun engem Employé duerch Krankheet ze kompenséieren.

Global betruuecht ass also ze soen, datt bei engem Krankeschäin all déi Bedeelegt iergendwéi verléieren. Elo am État de crise hat d’Regierung decidéiert, datt d’Krankeess - a jo, ech deelen do d’Aschätzung vum Här Baum, datt een nach ëmmer e Krankeschäi kritt -, d’Krankeess also d’Entsiedegunge fir de Salaire am Fall vun engem Krankheitsausfall iwwerhëlt. - Do ass schonn nees „Krankheet“! Also den Numm Gesondheet, wann d’Krankeess oder d’Gesondheitskeess bis ufänkt, déi Gesond ze bezuelen, da kënne mer se richteg Gesondheitskeess nennen. - Dëst gouf gemaach, fir d’Entreprises, déi jo duerch d’Pandemie kloer Ausfäll ze bekloen haten, finanziell ze entlaaschten. Um Schluss ware béid Säite Gewënner: D’Entreprises, well se net hu mussen d’Ausfäll finanzéieren, an d’Salariéen, well se weiderhi mat hirem Salaire rechnen konnten.

Mir mengen, datt aus den Avice vun de Kummere kloer erauskënnt, datt d’Gesetz am Kader vun der Entsiedegung am krankheetsbedéngten Ausfall misst reforméiert ginn. Well kommt, mir sinn éierlech, dat Gesetz, dat de Rechemodell opstellt, ab wéini d’CNS d’Indemnisiatioun iwwerhëlt, gëtt warscheinlech nëmme vun de Services ressources humaines a groussen Entreprisë richteg verstanen an applizéiert. Kleng a mëttel Entreprises, wou ee bis zwee Krankheetsfäll oft direkt en Zéngtel bis e Véierel vun der Beleegschaft ausmaachen, di sech schwéier fir ze berechnen, ab wéi engem Dag d’CNS dann elo de Salaire bezilt a wéini net méi.

Fir eis Piraten wär et dofir sënnvoll, datt ab dem drëttén Dag, wou e Mataarbechter am Krankeschäin ass, d’Indemnisiatioun direkt iwwerholl géif ginn. Domadder géif een engersäits kleng Entreprisë finanziell direkt méi entlaaschten, op där anerer Säit awer och de Salariéen näischt ewechhuelen an dem Staat de Rôle als Regulateur zoukomme loosse.

Fir eis ass et kloer, datt d’Lohnfortzahlung an Zukunft muss ugepaakt ginn, fir kleng Entreprisë wéi och d’Salariéé besser ze ënnerstëtzen a fir Nodeeler aus der Welt ze raumen. Trotzdeem, souwuel d’Patronatskummere wéi och d’Chambre des Salariés hunn dëse Projet positiv opgehall. A mir Piraten deelen d’Meenung, datt dëst Gesetz fir de Moment béid Säite gutt arrangéiert.

Aus deem Grond kënne mir och eisen Accord fir dëse Projet ginn. Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D’Regierung huet d’Wuert, den Här Sozialminister Romain Schneider. Här Schneider, Dir hutt d’Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d’éischt och vu mir aus e grouse Merci un de Rapportier fir dee flotte schrëftlechen an och mëndleche Rapport, deem en hei duergeluecht huet. Mee virun allem, an ech schlëssen do dee Projet un, dee mer duerno hunn, deem iwwert de Congé pour raisons familiales, e grouse Merci un d’Chamberskommissioun, déi wierklech hei alles gemaach huet, fir déi zwee wichteg Projeten an och nach een aneren, deem e Méindeg gestëmmt gëtt, dee vun der Indemnité d’attente, esou schnell wéi méiglech ze evakuéieren.

Dat war net evident. Et ass ganz schnell gaangen, Här President vun der Kommissioun, zesumme mat Äre Mataarbechter respektiv och mat alle Membere vun der Kommissioun si mer duerch déi eenzel Avice gaangen, schnell, mee mir hu virun allem den Interêt gesinn, deem heira louch. An ech mengen, deem Interêt, do wëll ech awer vläicht nach eng kéier och soen, vu wou e koun.

Et ass esou, datt mer eis ganz schnell, wéi d’Covidkris agetrueden ass, mat de Sozialpartner - an ech huelen d’Wuert da mol vun der CNS, dat ass ëmmer neutral bei Krankeess a Gesondheitskeess -, der CNS zesumme gesat hu fir ze kucken, wat déi Léisunge sinn, déi mer kënnen erbaäféieren, fir engersäits ze garantéieren, datt och an Zukunft nach all Assuré, all Salarié seng Sue kritt an einfach seng Kafkraaft behält, och dann also, wa Betriber kéinten a Schwiereregkeete kommen, datt se grad da kënnen opgefaange ginn an net mussen ofhängeg si vun engem Liquiditéitsmanktem, dee Betriber hätte fir ze bezuelen.

Op där anerer Säit ass awer natierlech och ze kucken, Liquiditéite fir d’Betriber ze hunn, fir datt se eebe kënnen hiren Aufgabe gerecht ginn, engersäits hei, wou mer elo schwätzen, iwwert d’Krankegeld, op där anerer Säit awer och herno iwwert de Congé pour raisons familiales, dee se och hei hätte misse bezuelen.

Dofir ass dat heiten een Accord, deem och dorunhänkt, an et gouf och scho gesot hei vum Rapportier, vum Mars Di Bartolomeo, et ass e Package, deem zesummen ze gesinn ass mat deenen 78 Wochen. Och dat, mengen ech, war en Uleies, wou mer gehollef hu grad während där heiter Zäit, wou och de Contrôle médical net esou fonctionéiert huet wéi virdrun, wou also déi Leit, déi op déi 78 Woch kounen an déi net konnte gekuckt ginn, déi net konnten orientéiert ginn, awer do net an engem soziale Vide gelooss goufen. Mee mir hu gesot: Mir stoppen de Compteur a mir loosse en eeben erëm ulafen no der Kris, dat heescht nom 24. Juni, nom État de crise. Also, deene Leit ass während där doter Zäit näischt geschitt, déi haten d’Méiglechkeet, opgefaangen ze ginn. Och dat ass e Käschtepunkt vu véier Milliounen Euro, deem d’CNS méi gedroen huet, wéi se hätt missen droen.

Doniewent ass awer natierlech dat heiten och e Wee fir, wéi gesot, ze kucken, fir eeben d’Käschten ze verdeelen. A mir hunn awer geschéit bei der Quadripartite - den Här Spautz huet vun der Generalversammlung vun der CNS geschwat, et ass e bësse méi gewiescht, Dir wësst dat, ech mengen, mir haten de Moien ausféierlech driwwer geschwat an der Kommissioun vun der Sécurité sociale - gesot,

datt et evident ass, an d’Patronen hunn dat direkt gesot an och de President vun der Mutualitéit huet dat gesot, datt selbstverständlech déi Suen, déi hei virgestreckt goufe vun der CNS fir d’Patronen, déi 35 Milliounen, dat heescht déi 20 %, déi se direkt hätte misse bäileeën, wäerten zrëck bei d’CNS kommen iwwert de Staatsbudget. An anerersäits och de Staatsbudget, déi 121 Milliounen, déi se agespuert hunn, fir eeben en Equilibre zwëscht deenen Ausgaben an der Mutualitéit an dem Taux fir d’Cotisation vun 1,85 %, deem Der alleguerter kennt, ze maachen, datt also déi 156 Milliounen erëm wäerten, niewent de Cotisations patronales, déi drop bezuelt ginn, zrëck an d’CNS kommen. Do ass en Accord, deem do ass, soudatt ech mer hei keng Suerge maachen, datt dat dote wäert geschéien, nodeems mer virun allem och déi eenzel Dekonte gemaach hunn.

Fir vläicht e puer Saachen unzeschwätzen, déi och hei während dëse Stellungname kounen: Ech mengen, et ass esou, datt virun allem, Här Clement, déi kleng Betriber awer vun deem ganze System vum Statut unique - dat Ganz baséiert jo um Statut unique, wou ech d’Chance hat, ee vun de Rapportieren ze sinn -, grad dat huet sech awer gewisen, hei immens Virdeeler hunn, datt hei effektiv och d’Salariéé kënne viru bezuelt ginn an datt virun allem d’Salariéen och hei net déi Leeddroend sinn. Hei ass wierklech eng Win-win-Situatioun iwwert de Statut unique entstanen. Et muss ee selbstverständlech all d’Detailer kucken a selbstverständlech och kucken, wou et Verbesserungen nach driwwer gëtt. Och dat ass eng Saach, déi ëmmer erëm wichteg ass.

Da gouf de Beräich vun der Vulnerabilitéit ugeschwat. Richteg. An dofir hu mer, grad fir dat och iwwert d’Covidkris eraus ze klären, en Aarbechtsgrupp agesat zwëscht dem Ministère du Travail an dem Ministère de la Sécurité sociale mat alle Servicer hannendrun, der Médicine du travail an och dem Contrôle médical, fir ze kucken, fir do eng eenheetlech Linn ze fannen, eenheetlech Dispositiounen ze fannen a selbstverständlech och dat ze kucken, fir wann dat doten an deenen nächste Joren an der Aarbechtswelt wäert zrëckkommen.

Deen zweete Volet vun dësem Projet sinn d’Intérêts moratoires. Mir hu gesot als Regierung, datt während der Zäit vun der Covidkris d’Entreprises net mussen hir Sécurité-sociales-Cotisatione bezuelen, datt se déi kënnen aussetzen a spéider bezuelen. Ech muss soen, ech ginn Iech d’Zuelen: An deem éischte Mount, am Mount Mäerz, hu 66 % se awer bezuelt, an am Mount Abrëll hu 75 % vun den Entreprisë se bezuelt! Well effektiv, eppes muss bezuelen an erausschiben ass eigentlech keng Léisung. Iergendwann muss se bezuelt ginn. Et ass dat och eng Responsabilitéit.

An et gesäit een, datt mer awer déi Intérêts moratoires fir déi Betriber, déi dat net kënne maachen, ausgesat hu bis Enn des Joers, fir effektiv och mat den Dekonten nozekommen. Et gouf e Chiffer hei gefrot. Dat wieren, wa maximal Indemnitéiten oder Cotisationen net bezuelt gi wieren, 200.000 Euro de Mount gewiescht. Mee bei deenen Tauxen, déi ech virdru gesot hunn, wäerten déi Intérêts moratoires, déi hei ewechfalen, déi Zësen also, déi hätte misse bezuelt ginn, och manner bedroen.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir déi grouss Zoustëmmung zu dësem Projet de loi. Ech mengen, hei ass eng konkret Mesure, wéi mer an der Covidkris engersäits souwuel de Salariéé wéi anerersäits och de Patrone gehollef hunn, derduerchzekommen. An ech mengen, dat war dee richtige Wee, wéi och op villen anere Projeten, déi mer an deenen eenzelne Sozialvolette gemaach hunn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Sozialminister Romain Schneider. D’Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7582. Den Text steet am Document parlementaire 7582³.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7582 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d’éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Dëse Projet de loi ass da mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen, ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Marc Lies), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter),

Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

17. 7583 - Projet de loi portant dérogation aux dispositions des articles L. 234-51 et L. 234-53 du Code du travail

Mir kommen zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 7583, enger Ofännerung vum Aarbechtsrecht. An ech ginn direkt dem Rapportier vun dësem Projet de loi, dem honorabelen Här Georges Engel, d’Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l’Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Den zéngte Gesetzesprojet hunn ech d’Geleeënheet an de Pleséier, Iech haut de Mëtten hei ze presentéieren. Et geet ëm de Projet de loi 7583. Nodeems d’Schoulen zougemaach goufe weinst deene bekannten Ursachen, gouf d’Reglement vun 1999 iwwert de Congé pour raisons familiales ofgeännert, fir dass och déi Elteren dee kéinten huelen, wou d’Kanner aus zwéngende Grënn hu mussen doheembleiwen.

Duerno gouf deconfinéiert an d’Schoule goufen nees de 25. Mee opgemaach mat A-a B-Gruppe vun 8.00 bis 13.00 Auer, an och mat manner Plazen an de Betreungsstrukturen, dëst bedéngt duerch d’Distanciation sociale, déi huet mussen agehale ginn. D’Kannerbetreung war awer nach ëmmer noutwendeg, an dowéinst gouf dunn d’groussherzoglecht Reglement vum 20. Mee geholl, fir e komplett oder deelweist Zoumaache vun den Empfangsstrukturen ze kompenséieren an esou de betraffenen Eltere weiderhin de Congé pour raisons familiales unzebidden, an dat an dräi prezise Fäll:

éischtens wann d’Kand ufälleg op de Covid-19 ass, zweetens wann d’Kand ab dem 1. September 2015 gebuer ass, an drëttens fir e Schoulkand ënner 13 Joer, deem seng Schoul zou ass oder d’Empfangsstrukture gespaart bleiwen aus Grënn, déi dann och direkt mat der sanitärer Kris verbonne sinn.

De Projet de loi, deem ännert och Artikelen am Code du travail of, fir dass an deenen dräi Fäll, déi ech elo grad genannt hunn, och nom État de crise a bis d’Enn vum Schouljoer de 15. Juli 2020 op de Congé pour raisons familiales kann zrëckgegraff ginn.

De Projet de loi, dee gouf schonn den 13. Mee 2020 deposéiert. Et goufen Amendementer, nodeems de Staatsrot eng Rei vu juristeschen Inkohärenze bemierkt huet.

Hei sinn och nach e puer zousätzlech Punkten ze bemerken: De Gesetzestext, dee gëllt och fir Frontalieren an och fir déi méi informell Kannerbetreung. Notamment bei den Dagesmammen oder bei de Grousselteren, wann déi och vulnerabel sinn an d’Empfangsstrukturen d’Betreung vun de Schoulkanner net kënne garantéieren, da kënnen déi Elteren hei och de Congé pour raisons familiales kréien, an dat op Basis vun engem Certificat, deem de Ministère de l’Éducation dann ausstellt.

An eng Remark nach: D’Alterslimit vum 13 Joer gëllt hei net fir Kanner mat enger physischer oder mat enger mentaler Behënnerung.

Ech hunn et virdru gesot, de Projet gouf den 13. Mee deposéiert. Den Avis vum Staatsrot